adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

E Mëttwoch 27 Juni huet zu Senneng am Schlass en Sommet stattfonnt vun " liberalen Staats- a Regierungscheffen" op Aluedung vum Lëtzebuerger Premierminister.

An deem Kontext wollt ech vun him wëssen :

- Ass hien net der Meenung datt d'Organisatioun vun deem parteipoliteschen Treffen an enger Proprietéit déi dem Staat gehéiert en onglécklechen Amalgamm tëscht der Funktioun vum Staatsminister / Regierungschef an de'er vun engem parteipoliteschen Acteur duerstellt ?

- Wéi vill huet déi Organisatioun den Steierzueler insgesamt kascht an huet DP oder den ALDE Groupe op d'Mannst Loyer bezuelt ?

- Steet d'Sennenger Schlass och aneren Parteien an hiren jeeweilegen europäeschen Parteifamilien (zB CSV / EVP oder ADR/ ECR asw) fir ähnlech international Treffen zur Verfügung ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten